# Eng musikalesch Scho'linspektio'n -

**Kand:** Kanner ech hu gehe'ert den Här Scho'linspekter ke'm haut an eis Scho'l. Wât solle mir m^ache bis hie' könnt. Schwätzen därfe mer net, ro'eg sötze könne mer nöt, -- lôsst mer e klengt Lidche sangen.

**All:** Wir sitzen so fröhlich beisammen..........
( De Scho'linspektor könnt eran, d'Kanner stin op a sôen:)
Bonjour Här Inspekter.

**Inspekter:** Ei, dât war sche'n, so' frendlech sin ech nach a kenger Scho'l empfânge gin. We' et schengt hut dir vill Fréd mam Gesang. A well dir eso' gären an eso' sche' sangt. A well dir eso' gären an eso' sche' sangt, erlâben ech ie'ch io all de' Froen, de' ech ie'ch stellen, mat engem Lidd ze äntwerten.

**All:** Ganz gären Här Inspekter.

**Inspektor:** Da lôsse mer elôl mat dem Alphabet ufänken; s^ot et emôl zesummen !

**Kanner:** (sangen) A B C D E F G. . . . . .

**Inspekt.:** Ganz gut ! Wann et eso' viru gét, kann ech mat ie'ch zefridde sin. Mir iwergin de' me' licht Fächer, dann huele mer elô fir d'e'scht Weltgeschicht. We' héscht den tapferen Held, dén d'Türken an der grô'sser Schluecht bei Wien besiegt huet? Wéss du dât, Klengt ?

**Kand:** Prinz Eugenius der edle Ritter.

**Inspekt.:** A wo' ass dann dén mutegen Held Andreas Hofer, d'Pärel vun Tiro'l, gestuerwen?

**Kand:** Zu Mantua in Banden.......

**Inspekt.:** Ganz richteg! Wé ka mir soen, aus welchem Land dé berühmte Seefahrer Christoph Columbus stâmt, dén Amerika entdeckt huet

**Kand:** Fern im Süd, das schöne Spanien, Spanien ist.........

**Inspekt.:** Ausgezéchnet! Wé ka mer soen, wo' onse Nationalheld Jang de Blannen, dén nô hém verlângert huet an elô endlech zu Letzeburg roh't, virdru begruewe lug ?

**Kand :** Zu Kastel u.s.w.

**Inspekt.:** Da gi mer elo un d'Naturgeschicht. Wé ka mer soen we'ni d'Fre'johr ufängt?

**Kand :** Wenn alles wieder sich belebet.......

**Inspekt.:** Bravo, de' Antwert verdengt eng Nummer 1 an eng Zockerbo'n derbei (gött him eng). Um wellech Zeit gét am August d'Sonn op?

**Kand:** Frühmorgens wenn die Hähne krähn......

**Inspekt.:** Dât kann nit féhlen. Da so mer och nach we'ni den Hierscht ufängt?
(zwé Kanner wöllen zesummen äntweren) Wösst dir et allen zwé?

Da sôt et emôl sche'n zesummen.

Kanner: Wenn die Schwalben heimwärts zieh'n.

Inspekt.: Ganz richteg, dorunner ass net ze zweifelen,- We' héscht dé sonderbare Vull, dén seng Eer an den ânere hir Näschter lét. Wé ka mir dât sôen?

Kand: Kuckuck, Kuckuck.

Inspekt.: Gewöss, dât ass en. Wât fir e Vull sengt dann vun allen am sche'nsten?

Kand : Nachtigall, Nachtigall, wie sangst du so schön.

Inspekt.: Brav, brav, mei Kand. Ech muss soen Kanner, dir iwerrasc meoh wirklech mat èren trefflechen Antwerten.- Dann huel mer elo Geographie. Ah, do sötzt nach e Klengt, dât kenn ech nach net. Wie' bass du mei Kand?

Kand: Ich bin ein Musikand..

Inspekt.: Dât hun ech net gefrôt mei Kand. Ech wöll nömme wössen, we's du héschs a we's du dech schreiws,

Kand: Mat der Kreid.

Inspekt.: Jô dât wéss ech, ech wöll nömmen dein Numm wässen. Versteés de nöt, wât ech mengen?

Kand: Ich weiss nicht was soll es bedeuten.

Inspekt.: Nu jé, wann et net âneschter ass, dann a Gottes Namen. Du därfs dech âwer och net wonneren, wann ech dir eng Nummer 4 aschreiwen. Wât sés de dann duerzo'?

Kand : Freund ich bin zufrieden, geh' es wie es will.

Inspekt.: Jo, du bass zefridden, mä we' gét et dir am spe'dere Lie'wen, wann du allzeit en Efalt bleiws. We' wölls du da Geld verdengen an dei Bro't gewannen?

Kand: Was frag' ich viel nach Geld und Gut, wenn ich zufriede bin.

Inspekt.: Abé, wanns du net me' nô dengem Gléck frés, an dobei ze fridde bass, da soll et mir och égal sin. Setz dech. - Da musse mer elo nach e we'neg Geographie behandelen. We' héscht d'Hâptstâdt vun Elsass-Lothringen?

Kand : O Strassburg, o Strassburg, du wunderschöne Stadt.

Inspekt.: So, dât ass eng verstänneg Antwert! Wés du och, wo' dé beschte Wein gedeiht?

Kand: De Markusbierg vu Schengen, dé liwert onsen Dronk, Ech soen ie'ch 't ass eng Dröppchen, dé mecht an Ale j

Inspekt.: Richteg getraff Klengt, wie' wéss mir dann ze soen, wivill Mönschen et op der Welt gött?

Kand: Weisst du wieviel Sternlein stehen........

Inspekt.: De' Antwert gefällt mer, well eso' onme'glech, we' et d'Stären um Himmel ze zie'len, so' onme'glech ass et och, all de' vill Mönsche vun alle Weltdéler ze zie'l Dô setzt nach e Klengen, dén ech nöt kennen. Vu wo' b du?

Kand: Ueberall bin ich zu Haus.

Inspekt.: Mei lewt Kand, wén iwerall dohém ass, dén huet nirgen e richtegt Hém, dén huet och kén echt Elternhaus a ké

Hémechsland. Dir lôsst ie'ch dât gewöss net soen? Ech sin iwerzégt, dass de' ganz Scho'l stolz ass, op hirt klengt le'wt Hémechtsland. We' ?

All : Vive, vive Letzeburg !

Inspekt.: So' si der fro' a glécklech Letzeburger ze sin?

All: Frôt dir nô alle Seiten hin, mir wölle jô keng.......

Inspekt.: A la bonheur, Kanner, so' soll et sin. Hei hun ech op der Löscht nach e Klengt stoen, dât muss mir elo soen, wo' sein Hémechtsdierfche leit.

Kand: Wo' d' Uelzecht durech d'Wisen zé't.

Inspekt.: Gro'ssarteg, ganz sche'n! Wöllt dir mir elo nach de' Fréd mâchen, fir zum Schluss vu menger Inspectio'n, e puer Strophen vun onsem sche'nen Nationallidd ze sangen?

All: (sangen de' 1. an de ' 3. Stroph)

Inspektor: Bravo, bravo, meng le'w Kanner, ech muss gestoen, dass dât elei bei weitem de' sche'nst Inspektio'nsstonn wor, de' ech nach je erlie'wt hun. Als Lo'n fir er trefflech Léschtongen an als Unerkennung fir ère Fleiss kritt der âwer och elo eng gutt Zockerbo'n. (Den Inspekter délt Zockerbo'nen aus).

Inspekter: An elo soen ech ie'ch én herzlechen au revoir.

All: Merci, Här Inspekter, merci Här Inspekter.

"="="="="="="="="="

Bearbecht op Letzeburgesch
vun der Dirigeante S.L.vu Sch.
Erausgin vun der Action Cath.féminine
"Service des loisirs" Letzeburg